PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, , den 20/07/2021

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un de Premierminister an d'Ministere fir Verdeedegung & Justiz weiderzeleeden.

Zënter den Enthüllunge vum Edward Snowden vun 2013 ass kloer, dass d'staatlech Iwwerwaachungsmoossnahmen an Iwwerwaachungssoftwaren, wéi *Pegasus*, omnipresent sinn. Et ass och drun z'erënneren, dass och d'lëtzebuergesch Regierung ëmmer nach d'Vorratsdatespäicherung ënnerstëtzt an dat, obwuel den europäesche Geriichtshaff a verschiddenen Arrêten dës als onverhältnesméisseg an illegal verurteelt huet. An eise parlamentaresche Froen n°813 an n°1783, souwéi an enger Motioun vum Juli 2019 si mir am Detail op dës Illegalitéit agaangen.

An deem Zesummenhang wéilte mir de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wéi oft huet eis Justiz an de leschten 10 Joer, am Kader vun enger Ermëttlung, op d'Vorratsdaten zeréckgegraff?
   Falls keng Zuelen dozou virleien, firwat net a wéi kann d'Proportionalitéit vun der Vorratsdatespäicherung an deem Fall garantéiert ginn?

2. Kann d'Regierung ausschléissen, dass – ausserhalb vun erlabtenen Enquêten – op d'Vorratsdate vu lëtzebuergesche Journalisten, Aktivisten oder Oppositiounspolitiker zeréckgegraff gouf? Falls nee, wéi oft war dat de Fall?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Député

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Député